***Lëtzebuerger Landjugend***

# Jiddereen ass wëllkomm

**Nom Remy Harpes sengem laangjäregen Engagement als President vun der Landjugend, ass d'Carmen Schiltz am Mäerz 2010 un d'Spëtzt vun eiser Jugend-Organisatioun gewielt ginn**

*Als Unerkennung fir seng laangjäreg Tätegkeet am Intressi vun eiser Verbandsaarbecht, huet déi nei Presidentin hirem Virgänger - a begeeschterte Sportler – bei Geleeënheet vum Éirewäin vum Landjugenddag 2010, e Bong fir en Tour mat enger Montgolfière iwwerreecht. V.l.n.r.: Leo Wagener, Nationalaumônier LLJ-JB&JW, Carmen Schiltz, Remy Harpes*

Zënter der dësjähreger Generalversammlung, déi den 9. Abrëll 2010 am Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck ofgehale gouf, huet d'*Lëtzebuerger Landjugend* (LLJ) eng nei Presidentin an der Persoun vum ***Carmen SCHILTZ***.

De ***Remy HARPES***, deen eise Jugendmouvement vum Landjugenddag 2006 u gefouert huet, huet säi Récktrëtt am Nationalkomitee am Dezember 2009 bekannt ginn. Am Nationalkomitee am Mäerz 2010 ass dunn d'Carmen eestëmmeg zur Presidentin gewielt a op der Generalversammlung am Abrëll bestätegt ginn.

Mat dësem Interview wëlle mir vun der Geleeënheet profitéieren, fir eise Lieser d'Carmen virzestellen. D'Carmen ass zënter enger Rei vu Joren bei der regionaler Landjugendgrupp *Maacher* aktiv an ass zënterhir och am Nationalkomitee vun der *Lëtzebuerger Landjugend* vertrueden. Vun 2006 un, huet d'Carmen d'Fonktioun vun der Vize-Presidentin vun der Jugend-Organisatioun gedroen.

| | |
|---|---|
| **Carmen SCHILTZ** | gebuer, den 1. Abrëll 1985 |
| Wunnt zu : | Berbuerg |
| Beruff: | Ingénieur Agronome |
| Fonktiounen innerhalb vun eiser Organisatioun: | Member vum Nationalkomitee vun der LLJ: zënter 2002<br>Vize-Presidentin vun der LLJ: zënter 2006<br>Member vun der *Landjugend Maacher:* zënter 2000<br>Sekretärin vun der Landjugend *Maacher*: zënter 2002 |

Member vum Verwaltungsrot vun der ONG *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.* zënter Mäerz 2010

Hobbien : Schwammen, Liesen



*Am Landjugendkalenner 2010 fënnt een eis nei Presidentin mat enger „ léiwer Frëndin“*

***Carmen, mir kennen dech zënter Joren als aktive Member vun der LLJ Maacher a vum Nationalkomitee vun der Lëtzebuerger Landjugend. Deng wäertvoll Mataarbecht an deng positiv Impulser op regionaler, wéi och op nationaler Basis, wësse mir ze schätzen. Wat huet dech motivéiert, dës nei Erausfuerderung innerhalb vun der Lëtzebuerger Landjugend unzehuelen?***

Ech hu mir scho meng Gedanke gemaach, ob ech de Poste vun der Nationalpresidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend soll unhuelen oder net. Schliisslech bedeit d'Féierung vun engem Verband jo eng grouss Verantwortung. Mee, e Réckbléck op d'Aktivitéiten aus deene leschte Joren hu mech iwwerzeegt a motivéiert, fir dës Erausfuerderung unzehuelen. Si beweisen, datt d'Organisatioun ëmmer nach - an ëmmer nees - vill Jugendlecher beweegt kritt an esou villes ëmsetze kann. Deemno ware mir mat mengem Virgänger, dem Remy, um richtege Wee, fir d'Intressie vun eiser Jugendorganisatioun virunzebréngen. Dës ass och d'Richtung, déi ech aschloen a weidergoe wëll.

***Als fréier Vize-Presidentin hues du sëcher deng Virstellungen vun deem, wat deng Aufgab un der Spëtzt vum Jugendmouvement ass?***

Wann een sech déi eenzel regional Gruppen vun der Lëtzebuerger Landjugend e bësse méi genau ukuckt, da fällt engem séier op, datt se zimlech verschidde sinn. Eenzelner sëtzen sech aus Memberen zesummen, déi zum groussen Deel nach Bauere sinn. D'Memberschaft vun deenen aneren sëtzt sech aus Jugendlechen zesummen, déi kaum nach mat der Landwirtschaft verwuerzelt sinn. Meng Haaptaufgab wäert et sinn, fir déi verschidden Intressien ëmmer nees ënnert een Hutt ze bréngen an esou eng gutt Zesummenaarbecht tëscht dem Nationalkomitee an de regionale Gruppen ze garantéieren.

***Bekanntlech ass d'Landjugend am Joer 1972 aus der éischter berufsspezifescher Organisatioun vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer ervirgaang. Si sollt deene Jonken vum Land, déi net méi direkt mam Baueremilieu vorbonne sinn, eng méi breet gefächert Palette vun Aktivitéiten ubidden an Themeberäicher vu Jugendlechen upaken, déi iwwer hir beruflech Intressien erausginn.***

***Esou stinn all Joer eng Rei vun Aktivéiten um Kalenner mat deenen d'Landjugend sech mëttlerweilen identifizéiert an déi sech iwwer eng laang Zäit bewährt hunn: de Landjugenddag, d'Landjugend-Power-Aktioun, den Dag vun der Kooperatioun, d'Bedeelegung um Pélé des Jeunes, d'Bedeelegung un der Foire agricole zu Ettelbréck, …***

***Niewent dëse méi regelméissege Manifestatiounen kommen eng Rei Aktivitéiten, déi éischter ënner de Fräizäitberäich falen: de Spillerowend, In- an Auslandstouren, den Autoball, Theaterowender, d'Publicatioun vum Landjugend-Kalenner, …***

***Zousätzlech huet d'Landjugend dat lescht Joer am Virfeld vun de Chamberwahlen eng Table ronde zum Thema „Beruffs- an Zukunfsperspektiven fir déi Jonk" mat de Vertrieder aus de politescher Landschaft vu Lëtzebuerg organiséiert. Och hiert Engagement am Intressi vun der Allgemengheet huet si eng weider Kéier mat der konkreter Bedeelegung un der 100-Stonnen-Aktioun vun RTL ënnerstrach. Déi Jonk aus de Gruppen hunn sech vum 14. bis 18. Dezember ofwiesselnd beim Uleeën vun engem Gaart an enger Dépendance vum Centre Thérapeutique Manternach Syrdall Schlass zu Jonglënster bedeelegt.***

***Wat bedeit et fir dech, engem Mouvement virzestoen, deem séng Memberen sech ëmmer nees bereet erkläeren, fir sech fir eng nëtzlech Saach anzesetzen a Verantwortung ze iwwerhuelen?***

Et ass fir mech eng grouss Éier, fir un der Spëtzt vun engem Mouvement ze stoen, wou de Benevolat grouss geschriwwe gëtt. Eng ganz Réi vun Aktivitéiten, déi schonn opgezielt goufen, beweisen d'Bereetschaft vun eise Memberen, fir hir Fähegkeeten fir eng gutt Saach anzesetzen. Vun dëser Plaz aus well ech dovu profitéieren, fir de Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend e grousse Merci fir hir Mathëllef an hiren Engagement auszespriechen.

***Wat fir eng Erwaardungen hues du un déi regional Gruppen an den Nationalkomitee?***

Ech hoffen, datt Membere vum Nationalkomitee weider esou aktiv matschaffen an och weiderhin hir nei a kreativ Iddie an d'Versammlungen abréngen, esou wéi dat an deene leschte Joren ëmmer nees de Fall war. Doniewent hoffen ech, datt tëschent dem Nationalkomitee an de regionale Gruppen weiderhin déi eng enk Zesummenaarbecht bestoe bleift. Un déi regional Gruppe maachen ech gläichzäiteg en Opruff, fir datt si hiert Bescht maachen, fir nei Membere fir hire Grupp ze gewannen an se och mat an d'Organisatioun anzebannen.

***Kanns du äis vun dengen Erfahrungen matdeelen, déis du bei der LLJ Maacher gemaach hues?***

Bei all den Aktivitéiten, sief et bei der 36-Stonnen-Aktioun, dem Landjugenddag, dem Dag vun der Kooperatioun oder dem Lemken-Triathlon sammelt ee seng Erfahrungen. Et ass ëmmer erëm flott, fir bei der Preparatioun vun den Aktivitéiten derbäi ze sinn. Och wann oft groussen Asaz vun

engem verlaangt an een emol rose gëtt, wann et net esou klappt, wéi een et geplangt huet. Et huet mir nach kee Moment Leed gedoen, datt ech mech bei deene „Maacher“ engagéiert hunn.

***Kanns du an e puer Wierder soen, wéis du d'Jugend vun haut – an am Speziellen – d'Jugend vum Land gesäis.***

D'Jugend vun haut ass mat ganz anere Problemer konfrontéiert, ewéi dat fréier de Fall war. Et stellt haut bekanntlech kee Problem méi duer, fir mat engem Kolleg aus New York iwwer Webcam ze kommunizéieren. Allerdéngs kann ee grad esou gutt an enger virtueller Welt géint een anere Krich spillen, déi haut méi ewéi jee, reell duergestallt ka ginn. Fir deem entgéint ze wierken, sinn och mir als Jugendveräi gefuerdert. Mir musse probéieren, fir deem Jonken - esou fréi ewéi méiglech - kleng Responsabilitéiten unzevertrauen, fir datt hien e Gefill derfir kritt, wat et heescht, e verantwortungsvolle Member vun der Gesellschaft ze ginn.

***Um Landjugenddag 2009 huet d'Madame Marie-Josée Jacobs, Familljeminister, en Appell gemaach, fir datt d'Landjugend sech nach méi opmécht fir Jonker mat engem migrativen Hannergrond. Wéi kann dëst an déngen An ugepackt ginn?***

D'Landjugend ass e Veräi ***fir jiddereen***. D'Fro, ob Lëtzebuerger oder net, huet sech ménger Meenung no nach ni gestallt. Jiddereen, deen sech fir d'Aktivitéite vun der Landjugend intresséiert an sech hei well engagéieren, gëtt gären an direkt als Member ugeholl. Och wann een sech am Ufank sproochlech net esou gutt versteet, ass dat ënnert de Jonke kee Problem. Wann de gudde Wëllen do ass, da versteet een sech iergendwéi ëmmer.

***Am Mäerz ass op d'Initiativ vun eisem Member Laurent Frantz zu Remerschen en Austausch mat der Landjugend Saar zustane komm.***

***Déi regional Landjugendgrupp Maacher huet awer och schonn an der Vergaangenheet regelméisseg Kontakter mat däitsche Landjugendgruppen opgebaut. Och huet si – op Initiativ vun der Firma Lemken - de 15. August 2010, de Lemken-Triathlon um Michelshaff um Scheedgen organiséiert. Dësen Event gëtt awer prinzipiell just am Saarland oder a Rheinland-Pfalz duerchgefouert.***

***Wat stellen dës iwwerregional Kontakter fir dech duer?***

Et ass ëmmer erëm flott, fir nei Leit a virun allem aner Landjugendveräiner kennen ze léieren. Hei gëtt ee beispillsweis gewuer, wéi d'Verbänn vun der Landjugend sech an Däitschland zesummesetzen, wéi hir Struktur opgebaut ass, wéi eng Problemer an Traditiounen si an hire Verbänn hunn, wat fir eng Aktivitéiten si organiséieren, ... Sou kann e gewuer ginn, datt bal nëmme Baueren zu de Membere vun den däitsche Landjugend-Organisatiounen zielen. Dat bedéngt, datt hir Aktivitéiten sech och meeschtens ëm d'Landwirtschaft an déi zoustänneg Politik dréinen.

***Am Mäerz 2010 bass du an de Verwaltungsrot vun der ONG Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l. gewielt ginn. Dat lescht Joer huet d'Organisatioun, déi ee weideren Haaptbestanddeel vum Schaffen vun der Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer duerstellt, de 50. Anniversaire vun der Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika gefeiert. Wat stellt dat Engagement fir dech duer?***

Et ass fir mech ganz wichteg, datt d'Jugend sech mat der Entwécklungszesummenaarbecht ausernee sëtzt a mat der Problematik aus dem Süde konfrontéiert gëtt. Et ass och wichteg, datt si sech Gedanke mécht iwwert d'Tatsaach, datt vill Leit hei an Europa am Iwwerfloss liewen an et op där anerer Säit, Milliounе vu Mënsche gëtt, deenen et um Néidegste feelt an déi sech all Dag musse Gedanken iwwert hiert Iesse maachen.

Als Member vun deene „Maacher“ organiséiere mir am 2-Jores-Rhythmus den Dag vun der Kooperatioun fir der ONG den Erléis fir hir Entwécklungsprojeten zoukommen ze loossen - awer och, fir d'Leit aus eiser Ëmgéigend op d'Entwécklungszesummenaarbecht opmierksam ze maachen.

***Mir soen dem Carmen e grousse Merci fir dës intressant Andréck a wënschen him „Bonne Chance“ an der neier Fonktioun. Dem Remy drécke mir ee ganz grousse Merci aus, fir säi laangjäregt Engagement am Déngscht vun der Lëtzebuerger Landjugend.***